# Sommedieue am Wanter

Haut Samschdes den 7. Dezember wor Sommedieue bei Verdun fest an lëtzebuerger Hand, hat den Flyfishing Club aus Lëtzebuerg sech dach op den Weë gemeet fir traditioneller Weis op dëser Plaz d´Joër ausklengen ze loossen. Haten se eis am Virfeld nach Schnéi mat Minus –Temperaturen ungekënnegt, esou wor eis den Péitrus awer gudd gesënnt an huet eis bei mëllen 4,5 Grad Plus an ee bëssen Fisemreen een schéinen Dag ënnert Fëscherkollegen vergönnt. Esou haten sech 22 Fëscher anfond fir éng leschten Kéier an dësem Joër zesummen ee schéinen Dag beim Waasser ze verbréngen an soën mir et direckt et sollt Keen mat éngem laangen Gesiicht erëm Heem fueren ewell mir sin nach éng Kéier voll op eis Käschten komm. Géint 9 Auer Moies sin lues a lues een Fëscher nom Anneren angetraff an direckt ass Gestëppels las gaangen, schon um Weë fir bei déi obligatoresch Taas Kaffi ass deen een oder anneren gudd geméngten Rot, hinsichtlech der Wiehl vun der Méck, ausgesprach gin an déi éng oder anner Nidderträechtegkeet wor natiirlech och derbäi. Heibäi deet sech ëmmer besonnesch eisen Präsident den Jeek herfir an et soll een wirklech net Alles gleewen wat Hien éngem fir den Dag mat op den Weë gët, Hien géif et zeguer fäedeg bréngen dass mir géifen mat Kaffisbounen fëschen.

Nom Kaffi ass sech séier an d´Schuel gehäit gin an schon stungen mir beim Waasser an hun lasgeluecht. Ewei erfreet woren mir dach dass mir zeguer den Carlo, eis gudd Séil, hannert dem Uewen eraus gelackelt haten, wat am Wanter emsou verwonnerlecher ass. Mée och Hien wor sech bewosst dass déi lescht Sortie ëmmer den feierlechen Ofschloss vum Joër ass an dësen Ament wëllen mir net mëssen. d´Famille Muno wor och vollzieleg ungetrueden an den Dan, den Denis an den Bopa Muno hun schéin dobäi gemeet ewoubäi den Denis alt nees éng Kéier déier eelerer Generatioun gewisen huet ewou et laang geet. Den Patrick huet sech och schon ganz am Motto vum Flyfishing Club erëmfond, ass Hien dach beim Waasser d´Rouh an Persoun an iessen an drënken kann Hien esouwisou. Den Luss huet den ganzen Dag d´Nues schéin héich gedroën et wor awer net esou dass Hien a bee mol angebildt gin wir, née villméi hat Hien ee béisen Torticollis erwëscht, Hien hat wuel ee bëssen zevill den Fraleit nogekuckt. Den Erny huet éng komesch Art an Weis un den Dag geluet fir séng Fësch ze fänken, och dat hat Hien sech beim Jeek ofgekuckt.

Ewei ech mäin Tour roderem den Weiher gemeet hun fir och dësen Fëscherdag an beschter Erënnerung ze halen hun ech net schlecht gestaunt ewei ech beim Robert unkomm sin, wor Hien dach net am gaangen een Fësch ze drillen, esou kennen ech Hien jo guer net. Den Jeek huet mir beim fëschen net esou richteg motivéiert geschéngt, mée wäit gefeelt.

Den Claude huet et lues ungoën geloos mée dofir wor Hien awer Owes deen Leschten beim fëschen an mir woren schon ganz an Suerg dass Hien am Däischteren den Weë bei d´Lodge net méi fannen géif. Den Änder ass an deenen Saachen ëmmer just den Géigendeel, sin Hien an séng Madame dach ëmmer déi Éischt déi untrieden wann éng Sortie ungesot ass. Déi zwee Roger´ën haten séier den Dréih eraus, deen Een ass Spezialist vun der Nymph an vue an deen Anneren fënd och Schrëtt fir Schrëtt den Dréih eraus an ass um richtegen Weë. Den Marc wor ganz couragéiert un d´Saach erun gaangen, huet Hien et dach och bei dësem ongënschtegen Wieder mat der drechener Méck probéiert an Hien huet zeguer op déi Art a Weis net wéineg Fësch gefaangen.

Nodeems mir ee puer Stonnen gefëscht haten ass et dun op den Apéro gaangen an unschléissend haten mir eis och éng kléng Stärkung verdéngt, et gouf als Entrée Fësch mat Parmesan Rissotto an duerno Jarret mat gebotschten Gromperen fir mat éngem gudden Stéck Äpeltoart mat Vanillesauce ofzeschléissen. Esou gestärkt hun mir dun déi zweet Halschent angelaut

Den Dan, den beschten Werfer an onseren Reihen, huet nom Jessen séng Worfkënschten zum beschten gin an huet mat esou munesch gudd geméngtem Rot séngen Fëscherkollegen op d´Spréng gehollef. Den Raymond wor Haut ee bëssen knëckeg, ewei sos wär et ze erklären dass Hien nom Jessen eemol fir d´éischt an den Äscht vun den Beem d´Mécken eraus

gefëscht huet. Den Gerd aus den Saarland hat sech eis och erëm ungeschloss an huet zum gelengen vun dësem schéinen Dag bäi gedroën. Den Bob huet sech sichtlech wuel gefillt, dat lung bestëmmt um very good british Weather dat Hien mat Séscherheet un séng vill Reesen an Irland erënnert huet.

Den Jemp hat sech Haut ee bëssen ëm eisen neien Member, den Albert, gekëmmert ewell schliesslech sin Sie Noperen an do hëlleft een dem anneren. Mir hun dann och dem Albert fir unzefänken missen déi éng oder anner Finesse bäibréngen fir dass och Hien séng Fësch gefaangen huet. Den Wislaw huet sech esou gudd bei ons ungepasst dass een méngt Hien wär nach ëmmer dobäi gewiescht obschon Hien erréicht vun dësem Joër aus un regelméisseg bei den Sortiën dobäi ass.

Esou ass d´Zäit vergaangen an éiert mir eis emsin haten wor och den Ofschloss zu Sommedieue schon erëm Vergaangenheet, mir haten erëm éng wonnerschéin Saison mat villen geloongenen Sortiën un déi mir gären zeréck denken, huet och eemol hei an do d´Wieder net matgespillt esou hun mir awer ëmmer dat Bescht aus eisen Ausflig gemeet an déi gudd Ambiance ënnert den Memberen vun eisem Club huet oft d´Sonn awer schéinen geloos och wann et riicht eran gereent huet. Elo bleiwt nëmmen nach d´Aussicht op dat neit Joër an der Hoffnung dass Dëst genee esou schéin gët ewei dat Vergaangend an dofir profitéieren ech dann och fir all eisen Memberen schéin an besënnlech Feierdeg ze wënschen am Undenken un déi schéin Zäit déi mir hun dierfen zesummen verbréngen.